# Camping Auf Kengert

L-7633 Larochette/Medernach
tel +352 837186
web : www.kengert.lu
www.facebook.com/kengert
e-mail : info@kengert.lu

## Plats au choix :


*① Chicken Nuggets a Fritten, Mayonnaise an Ketchup, 1 Glas Jus oder Waasser pro Kand.*

*② Nuddelen Bolognese (mat Rëndfleesch), 1 Glas Jus oder Waasser pro Kand.*

*③ Pizza à Gogo, do kréien d'Kanner e Pizzabuedem an kennen selwer drop leeën wat hinnen schmaacht, et get e klenge Buffet opgeriicht mat Ham, Kéis, Tomate, Ananas, asw. wou si kennen wielen. Duerno gëtt d'Pizza gebak; 1 Glas Jus oder Waasser pro Kand.*
*➔Daat muss awer mindestens eng Woch am Viraus bestellt ginn an et ass e Minimum vum 14 Persounen.*

## Desserts au choix :

*(a) all Kand eng Glace*
*(b) all Kand Uebst vun der Saison*
*(c) all Kand e Yoghurt*



## Präis :

*Grupp vun 1 bis 15 Kanner an max 2 Erwuessener : 135,00€*
*Grupp vun 16 bis 30 Kanner an max 4 Erwuessener : 270,00€*
*Grupp vun 31 bis 45 Kanner an max 6 Erwuessener : 405,00€*
*Fir Aer Pausen kënnt der och Croissants oder Pain au chocolat bestellen, 1,25 € d'Stëck.*
*Bezuelen ass sur place, cash oder mat Kaart; méiglech ass och am Viraus mat Virement. Sorry, keng Bongen.*

# Forfaits fir Mëttegiessen fir Schoulklassen, Maison Relais, Crèches, ... op Reservatioun

## Fir ze Buchen :

*- Wéini kommt der gären an wéi spéit ?*
*- Mat wéivill Lett sidd der ?*
*- Menü ① ② oder ③ ? & Dessert (a) (b) oder (c) ?*

*Den Buerfousswee ass gratis, wann der op d'Spillplaz vum Camping wëllt goen, oder op der Wiss wëllt Picnic maachen, ass eng Participatioun vun 2,00 euro pro Kand bis 12 Joer an 3,00 euro pro Persoun iwwert 12 Joer gefrot, dat ass dann sur place bei der Receptioun vum Camping ze bezuelen. Deen Tarif entfält wann der bei eis Iessen bestellt.*

## Wéi fannt dir eis ?

*Den Camping an den Restaurant laien op der Grenz vun den Gemengen Medernach an Larochette. Localisation Google: https://g.page/Kengert.*
*Kommt Dir mam eegenen Bus, dann fuert vun Larochette aus den Schëlter "Camping Kengert" no.*
*Kommt Dir mam ëffentlechen Transport, dann huelt den Bus bis op "Larochette-Bleech" oder den Zuch op Miersch (Horaires www.mobiliteit.lu oder Tel. 2489-2489). Bus 232 fiert hei laangscht, mee et ass keen Arrêt beim Camping. Wann Der bei "Aechelbur" erausklammt, ass et nach ongeféier 1 km zu Fouss.*

*Dir kënnt och den Besuch um Buerfousswee an Motorikpark kombinéieren mat der Visite vum Feelser Schlass. Vum Schlass aus geet en flaachen Wanderwee an ongeféier 30 Minutten (mat Kanner) op den Kéngert.*
*Informatiounen iwwert Visitten vum Schlass : Tel. 837497 oder larochettecastle@outlook.com*
*Op 8 km zu Stegen as den Bio-Baurenhaff Baltes, wou der Visiten kënnt maachen an der Bio-Kéiserei a bei den klengen Geessen.*
*Info Tel 80 37 70 oder 621 199 697 oder www.biobaltes.lu*
*Op 9 km zu Eppelduerf ass d'Eppelbléi wou d'Kanner d'Méiglechkeet hunn e Bauerenhaff an d'Natur besser kennen ze leieren. Info :691 722 884 contact@eppelblei.lu*

## bei eis Iwwernuechten

*mir hunn 4 Quartier Hütten mat jeeweils 4 Better, wou Dir mat eegenem Schlofsak dran iwwernuecht, Wäschen an Duschen ass an eisem Campingsanitär.*
*Dir kënnt fir moies Brout bei eis bestellen, oder zesummen am Restaurant Kaffi drénken.*

**Präis fir Gruppen mat Kanner bis 12 Joer:**

*pro Persoun 14,00 € fir ze Schlofen*
*pro Persoun 10,00 € fir den Kaffi*



Larochette







eis indoor Spillplaz





eis baussen Spillplaz op Mieressand

*tarif 2025*